ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 11. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an un den Här Minister vun der ëffentlecher Funktioun weiderzeleeden.

Mat der Reform vun der groussherzoglecher Police, déi den 1. August 2018 a Kraaft getrueden ass, huet d'Police sech - och wat de Stage - ubelaangt, op d'Bestëmmunge vum Staatsbeamtestatut alignéiert. D'Stagiären an der Police kréien also, wéi all Stagiär beim Staat, ee Stagepatron zougewisen, deen si wärend der Stagezäit begleet an ënnerstëtzt. Souwäit dat mir bekannt ass, gouf an engem Ofkomme vum 15. Juli 2011 (Accord de fin de litige) tëscht der Regierung an der Staatsbeamtegewerkschaft CGFP festgehalen, datt de Stagepatrone fir déi zousätzlech Aarbecht a Verantwortung, déi si droe mussen, eng speziell Indemnitéit ausbezuelt géif. D'Héicht vun dëser Indemnitéit géif iwwerdeems vum Regierungsrot festgeluecht.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un déi Häre Ministeren:

1. Wéi héich ass de Betrag vun der spezieller Indemnitéit fir Stagepatronen?
2. Ass dës speziell Indemnitéit fir all Gehaltsgruppen identesch?
3. Gëtt des speziell Indemnitéit multiplizéiert, wann ee Stagepatron gläichzäiteg méi Stagiäre betreit?
4. Gëtt des speziell Indemnitéit all Mount ausbezuelt? Wann nee, wéi gëtt dës Indemnitéit, zäitlech gesinn, genee ausbezuelt?
5. Ass des speziell Indemnitéit versteierbar?
6. Gëtt des speziell Indemnitéit op d'Pensiounsusprech vum jeeweilege Patron ugerechent?
7. Mussen d'Stagepatronen dës speziell Indemnitéit ufroen oder kréien si déi automatesch?
8. Wéi vill Mol ass säit dem 1. Oktober 2015 schonn esou eng speziell Indemnitéit fir Stagepatronen ausbezuelt ginn?
9. Ass och an der groussherzoglecher Police schonn esou eng speziell Indemnitéit fir Stagepatronen ausbezuelt ginn?
10. Wann nee, firwat net?
11. A wéi engen anere Staatsverwaltungen oder Staatsservicer ass nach keng speziell Indemnitéit fir Stagepatronen ausbezuelt ginn?
12. Am Fall wou ee Stagepatron keng sou eng speziell Indemnitéit ausbezuelt kritt huet, wéi kann hien dës nodréiglech ufroen?

13. Wann ee Stagepatron trotz dem virgenannten Ofkommes vum 15. Juli 2011 keng sou eng speziell Indemnitéit fir Stagepatronen ausbezuelt kritt, ass hien dann awer verflicht, déi zousätzlech Aarbecht a Verantwortung ze iwwerhuelen an des Missioun quasi "gratis" ze erfëllen?
14. Ass d'Regierung an deem Kontext net verflicht, sech un ënnerschriwwen Ofkommessen ze halen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742